N°4289
Entrée le 16.07.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

**Äntwert vum Premierminister op d'parlamentaresch Fro n°4289 vum 22.Juni 2026 vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig.**

1. **Huet d'Regierung e Code de Deontologie deen dës Problematik behandelt?**

D'Definitioun an d'Notzung vu staatleche Mëttel ass an der Sektioun 11 am Deontologie Kodex vun der Regierung gereegelt.

2. **Kann d'Regierung an e puer einfache Sätz dem Bierger erklären, wat erlaabt ass a wat net?**

E Regierungsmember ass 24 Stonnen a 7 Deeg op 7 am Amt a muss zu all Moment disponibel sinn.

Et ass zu Lëtzebuerg, wéi a villen anere Länner och, Traditioun dass d'Ministere Politiker sinn déi enger Partei ugehéieren, fir dës op enger Walléscht waren a nodeems se vun de Wieler gewielt goufen an d'Regierung genannt gi sinn.

E Minister ass a bleift Member vu senger Partei an eng Partei däerf an enger politescher Kommunikatioun un d'Bierger-innen och hir Vertrieder déi an der Regierung sinn inklusiv hirer Funktioun als Minister ernimmen an déi Projeten, Zieler oder Ëmsetzungen déi kommen a waren an an hirer Hand sinn opzielen, ernimmen an d'Bierger-innen op Lienen hiweise wou weider treffend Informatiounen ze fannen ze sinn ouni dass dat géint deontologesch Reegelen verstéisst (dont e QR-Code ewéi am Fall deen den honorablen Deputéierten opbréngt).

An esou Kommunikatiounen déi vu politesche Parteien gemaach ginn däerf allerdéngs kee Logo vun der Regierung drop ze fanne sinn fir déi néideg Trennung hierzestellen an d' Bieger-innen net am Zweifel ze loossen vu wiem déi Kommunikatioun ausgaangen ass a wien dofir responsabel ass.

3. **Wéi stellt d'Regierung sécher, datt offiziell Regierungskanäl net, direkt oder indirekt, fir perséinlech a parteipolitesch Zwecker instrumentaliséiert ginn? Ass an all Ministerium eng Persoun responsabel fir d'Kommunikatioun a muss dëse Staatsbeamten dofir suergen, datt de Code de Deontologie agehale gëtt?**

D'Regierung huet en offiziellen Informatiouns- a Pressedéngscht, den an enker Zesummenaarbecht mat de jeeweilege Ministeren steet, fir derfir ze suergen dass d'Kommunikatioun vun der Regierung onofhängeg vun der Kommunikatioun vun de politesche Parteien stattfënnt. D'Parteien si responsabel fir hir eege Kommunikatioun.

4. **Wann et zu engem Verstouss kënnt, ass de Minister responsabel oder déi Persoun, déi d'Anhale vum Code de Deontologie iwwerwaache muss?**

Déi Fro ass ze spekulativ fir eng generell a präzis äntwert dorop ze ginn. Responsabel ass um Enn den, dee fir d'Anhale vun enger Reegel verpflicht ass, dat kann entweder d'Parteiféierung sinn an/oder de Regierungsmember jee no Situatioun.

5. **Kann d'Regierung eis soen, ob si beim Ausschaffe vun engem Code de Deontologie eng Analys vun de Richtlinnen an eisen Nopeschlänner gemaach huet?**

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Den aktuellen Deontologie Codex ass e vun den éischten mat déif a wäitgräifende Reegelen aus de Länner vum Conseil de l'Europe a Lëtzebuerg huet dës Reegelen en Place gesat ob Recommandatioun hin vum GRECO vum Conseil de l'Europe den déi d'Reegelen all offiziell validéiert huet an un deen sech aner Länner elo inspiréiert hunn.

Lëtzebuerg, den 16. Juli 2026.

De Premierminister,

(s.) Luc FRIEDEN